

d'Helleg Dräifaltegkeet

D'Schandeler Kiirch as bekanntlech der Hellegster Dräifaltegkeet geweiht.

D'Bild vun der allerhellegster Dräifaltegkeet kenne mer all well mer et scho gesin hun. Gewéinlech gët de Papp am Himmel als ale Mann mat engem laange Baart duergestallt, dernieft de Jesus um Kräiz oder mat dem Kräiz an den hellege Geesch a Gestalt vun enger Dauf. Esou si mir schon als kleng Kanner un dat Bild gewinnt gin an esou hu mer et an Erënnerung bis zu eisen alen Deeg.

Déi helleg Dräifaltegkeet as den Ausgangspunkt vun alle Gnoden, déi vun der Erléisung, déi mer uechter d'Kiirchejoër feieren. De Papp, de Jong, an den hellige Geesch hun zesummen beschloss, déi gefale Mënschheet ze erlëisen. D'Wirk vun deenen dräi göttleche Persounen as d'Gebuert vum Erléiser, dee Krëschttag Mënsch gin as. Déi göttlech an déi mënschlech Natur hun sech an där göttlecher Persoun vereenegt. Esou as déi helleg Dräifaltegkeet den Ursprung fir d'Gnoden, d'Erléisung, d'Hellegung an d'Vollendung vum Mënsch am Räich vun der helleger Kirch.

Duerfir steet si och am Mëttelpunkt vum krëschtliche Glawen a vum krëschtlichen Liewen. Op de Numm vum Papp, vum Jong, a vum hellege Geesch goufe mer all gedeefte an duerch déi helleg Dräifaltegkeet hu mer Zoutrett zu deenen aneren Sakramenten an zu denen hire Gnoden. Duerfir luewe mer ëmmer an ëmmer nees der helleger Dräifaltegkeet an deene meeschte vun eise Gebieder.

Fir déi helleg Dräifaltegkeet besonnesch ze veréieren, huet d'Kirch en extra Fest zu hirer Eier agefouert. Et schengt, wéi wann daat Fest am Lécker Streech schon am 10. Jorhonnert gefeiert gouf, aner Diozesen sin am 11. an 12. Jorhonnert nokomm. Allgemeng gouf d'Fest am Joër 1334 vum demolege Pöpst Jean XXII. agefouert.

Hei am Streech hu mer déi helleg Dräifaltegkeet haut nach op sechs Plazen: Hauptpatréiner zu Housen, Sandweiler, Schandel, Ueschdrëf a Walfer. Zweet Patréiner sin se zu Suessem. An der Zäit woren se dann och nach éischt Patréiner zu Waldbriedemes (1570) an zu Gouschténgen (1738).

Den Dag vun der helleger Dräifaltegkeet as deen éischte Sonndeg no de Péngschten.